

d'Peffermillen



De Koschter wor net weider iwwerrascht, dass de Postdirekter d'Pressekonferenz vum franséischen Ekonomisprofessor Fontagné iwwert d'Compétitivitéit vun der Lëtzebuerger Wirtschaft fluchtaarteg verlooss huet, wi deen di iwwerhéichte Präisser fir Internet an ähnlech Déngschtleeschungen zu Lëtzebuerg kritiséiert huet. De Koschter hat schon eng Kéier hei d'Geleënheet drop hinzewiesen, wéi d'Bréifpost mengt iwwert dem ‚droit commercial‘ ze stoen an net musse fir Feeler opzekommen. Elo ass en eng Story aus dem Beräich Finanzoperatioune gewuer gin, di der Post hir eegenaarteg Interpretatioun vun de Lëtzebuerger Gesetzer an hiert gestéiert Verhältnis zum Client openeits beleet. Eng Rei Veräiner aus dem Lands wore nämlech net wéineg verwonnert, wi se vu Leit oder Entreprises, deenen se Suen iwwerweisen hate, Reklamatioune kritt hun, well di Sue ni ukomm sin. Op Nofro hi bei der Post kruten se gesot, hire Konnt wär gespaart, well et géif eng Fotokopie vun de Cartes d'identité vun de Comitésmembere feelen. No laangem Fuerschen hun se erausfonnt, dass dat op dat neit Gesetz iwwert de Blanchiment d'argent zréckzefeieren ass, dat esou eng Kopie verlaangt. Dogéint ka jo keen seriöse Bierger eppes hunn. Mä während di kommerziell Banken hir Clientë frëndlechst invitéiert hunn, hinnen esou eng Kopie laanscht ze bréngen, huet d'Post einfach di betrafte Konnte gespaart, ouni hire Clientë dat mazzedeelen. Do huet kee Protest géint di onkauscher Praktike gehollef. De Koschter versteet dat ganz gudd, well d'Post behaapt dach selwer vun sech: „La banque moins chère n'est pas une banque.“ Firwat soll se dann am Déngscht vum Client stoen?